


## PROJET CRÈCHE, CLUB SENIOR A SOZIAL WUNNENGEN ZU UESPELT

Kuerz virun de Gemengewalen huet de Schäfferot dem Gemengerot säi geplangte Projet um Terrain vum ale Paschtoueschhaus zu Uespelt presentéiert. Fir ronn 14 Milliounen € sollen hei eng Crèche fir bis zu 68 Kanner, e Club Senior fir ronn 25 Leit an 3 Appartementer, déi ënnert d'Krittäre vum abordabele Wunnraum falen, opgeriicht ginn. En duerchaus interessante Projet, den ower an eisen Aen op där falscher Plaz realiséiert gëtt. Duerch dëse Projet gëtt am Duerfkär vun Uespelt en net onbeträchtlecht Verkéiersopkommes geschaf, op enger Plaz, wou mer eigentlech de Verkéier eraus wollten hunn a wou d'Parkméiglechkeete limitéiert sinn. Dowéinst dierft d'Personal vu Crèche a Club Senior mol net um Site parken, mee misst sech soss iergendwou an Uespelt eng Plaz sichen.

Als CSV hätte mer et begréisst, wann d'Crèche zu Fréiseng an der Géigend vun der Schoul realiséiert gi wier (z.B. integréiert am neie Gebai wou de Scoutshome an e Gemeinschaftssall hikënnt oder am Projet vun der neier Schoul a Maison Relais). Dëst hätt och déi Elteren, déi méi Kanner hunn, sécherlech besser arrangéiert. Leider gouf eis Meenung am Virfeld vun der aktueller Är Equipe-DP Majoritéit net gefrot, dat selwecht gëlt fir déi berodend Gemengekommissiounen, déi och keen Avis gefrot gi sinn.

Och ass dëst no der neier Schoul/Maison Relais den zweete käschtespillege Projet, den nach kuerz virun de Walen duerchgeboxt gëtt. Laut den aktuelle Berechnungen, déi de Schäfferot eis presentéiert huet, geet eis Gemeng dovun aus, dass se bis 2028 eng Schold vu ronn 80 Milliounen € wäert hunn. An der aktueller Zäit mat enger ongewësser Zënsentwécklung ass dat an eisen Aen keng gesond a verantwortungsvoll Finanzpolitik.

Aus dëse Grënn hu mir als CSV dëse Projet net matgestëmmt, och wa mer grondsätzlech net géint eng Crèche, e Club Senior oder abordabele Wunnraum sinn.

Um die Texte auf Deutsch zu lesen, scannen Sie bitte den QR Code.

To read the texts in English, please scan the QR code.

Pour lire les textes en français, veuillez scanner le code QR.

Para ler os textos em português, digitalize o código QR.



## KEEN ABORDABELE WUNNRAUM AM LOTISSEMENT “IN DER DÉCKER OICHT” ZU UESPELT

Den 18. Mee 2022 huet de Gemengerot de Projet vum Lotissement “In der décker Oicht” zu Uespelt zum Vott virgeluecht kritt. Leider ass an dësem Projet keng eenzeg Unitéit virgesinn, déi no de Krittäre vum abordabele Wunnraum realiséiert gëtt. 24 Haiser si vum Promoteur virgesinn, genau souvill dass den Artikel 29 vum Gesetz betreffend den Aménagement communal net gräift. Dëst gesäit nämlech eréischt ab 25 Unitéite vir, dass ee 10% vun der Fläch fir abordabele Wunnraum muss virgesinn. De Schäfferot huet dat net gestéiert a sou gouf de Projet mat de Stëmme vun Är Equipe, DP an och erstaunlecherweis der LSAP duerch gewonk. D’CSV huet dogéint gestëmmt.

## (KAUM) KULTUR AM UESPELTER SCHLASS

Iwwer 10 Milliounen € huet d’Renovatioun vum Uespelter Schlass mat sengen Annexë bis elo kascht. Dat ass vill Geld, mee den exzeptionelle Site soll erhalen an och genotzt ginn. Dowéinst huet d’CSV dës Ausgabe bis elo och mat gestëmmt. Mee wat d’Notzung ugeet, do leeft am Moment net vill zesummen. Nodeems d’Iddi vum viregte Schäfferot fir d’Gemengenadministratioun op dëser Plaz ënnerzebréngen, vum aktuelle Schäfferot fale gelooss gi war, soll de Site elo zwar virun allem fir kulturell Zwecker genotzt ginn. Mee bis elo steet en déi meeschten Zäit eidel. D’CSV hat am Gemengerot proposéiert fir e Kulturbeoptraagten ze engagéieren, dee sollt, zesumme mat de Veräiner an der Kulturkommissioun, e kulturelle Programm ausschaffen, sou dass de Site géif de Gros vun der Zäit genotzt ginn. Dës Propose ass vum aktuelle Schäfferot awer net zeréck behale ginn.

## 80 MILLIOUNEN € SCHOLD BIS 2028!

Dëst ass d’Zuel déi den aktuelle Schäfferot am Gemengerot vum 29. Mäerz 2023 am 5 Jores Plang presentéiert huet! Sécherlech ass dës Zuel just eng Schätzung a kann duerch eng ganz Rei Facteuren (Staatlech Subsiden, Retard bei der Realiséierung vun de Projeten, Méikäschten duerch déi aktuell Inflatioun, zousätzlech Projeten déi nach net ageplangt sinn, ...) souwuel an déi eng wéi och an déi aner Richtung nach signifikant änneren. Trotzdeem ass déi Schold, déi eis Gemeng an den nächste Joren ophuele muss, keng kleng. Am Verglach mat den anere Gemengen am Land, wier Fréiseng domat, Stand haut, déi Gemeng mat där héchster Schold (aktuell ass dat Wolz mat ronn 66 Milliounen €). An Zäite vu steigenden Zënse wou een nach net weess, wéi d’Entwécklung op de Finanzmäert weidergeet, ass dat sécher keng Finanzpolitik, déi een als “en bon père de famille” kéint bezeechnen.

## FIR ENG BIERGERNO POLITIK MAM BIERGER ZESUMMEN

Déi aktuell Är Equipe-DP Majoritéit hat an hirem Koalitiounsprogramm virgesinn, déi consultativ Kommissioune méi ze respektéieren. Leider muss een no 6 Joer feststellen, dass d'Kommissiounen oft lénks leie gelooss oder nämme ganz spéit ëm hiren Avis zu wichtegen Dossiere gefrot ginn. Mam Resultat, dass Enn d'lescht Joer praktesch déi ganz Finanzkommissioun hier Demissioun agereecht hat an de Schäfferot nëmme mat ganz vill Fléiwen an Aussicht op e méi konstruktiivt Zesummeschaffen d'Memberen iwwerzeegt krut, hiert Mandat zu Enn ze féieren.

Der CSV Fréiseng läit et besonnesch um Häerz, dass d'Bierger kënne matschwätzen a mat entscheeden, an dëst net nëmmen all 6 Joer wa Wale sinn. Nieft de consultative Kommissiounen, déi vun Ufank un a wichtegen Dossiere sollte consultéiert ginn an op där hir Meenung an Expertise soll gelauschtert ginn, wëlle mer an Zukunft och Raum schafe fir mat de Leit am Gespréich ze sinn iwwert déi wesentlech Orientéierunge bei kommunale Projeten. Dëst e.a. iwwert méi Informatioun, ëffentlech Versammlungen, Biergerforen, Notzung vu Soziale Medien oder och nach d'Aféierung vun engem participative Budget.



## FIR ENG REEGELMÉISSEG VERDEELUNG VUM GEMENGEBUET

Och wann haut vill Leit sech iwwer Internet informéieren, sou bleift de Gemengebuet a Papeierform e wichtegt Kommunikatiounsmëttel fir d'Awunner ze informéieren. Leider gëtt dësen an eiser Gemeng a leschter Zäit net méi reegelméisseg verdeelt. Sou kënnt et, dass säit bal engem Joer kee Gemengebuet méi eraus komm ass! Generell Informatioune gi per eenzel Flyer verdeelt, wat e grousse Verdeelungs- a Materialopwand bedeit. Als CSV bedauere mer et, dass déi aktuell Majoritéit dem Gemengebuet sou wéineg Interessi schenkt. An Zukunft soll de Buet zu fixen Datumen 3-4 mol am Joer erauskommen, fir dass d'Leit méiglechst zäitno a komplett informéiert ginn. Da kéint een z.B. och eng Agenda mat geplangten Evenementer vun der Gemeng a vun eise Veräiner, oder interessant Artikelen iwwert eis Gemeng an hir Geschicht, mat dra virgesinn.

## ENERGIESPUEREN – KENG PRIORITÉIT FIR EIS GEMENG

Am Kontext vun der Energiekris hat d'CSV an der Gemengerotssitzung vum 28. September 2022 dem Schäfferot d'Fro gestallt wéi eng Mesuren d'Gemeng Fréiseng wéilt huele fir Energie ze spueren. Do krute mir erkläert, dass dat keng Prioritéit wier. Dës Aussoe konnte mir net esou stoe loossen an hunn dowéinst den 26. Oktober 2022 eng Motioun am Gemengerot deposéiert. Hei goufe konkret Moossname proposéiert fir Energie ze spueren, wéi z.B.:

- Gemengen-Infrastrukturen nach just ob maximal 20°C hëtzen an d'Heizzäiten upassen;
- Beliichtung vun ëffentleche Gebaier a Stroossebeliichtung reduzéieren;
- Eng Sensibiliséierungscampagne fir d'Gemengepersonal, d'Veräiner an d'Schoule lancéiere wéi ee kann Energie spueren.

Eis Motioun gouf awer net ugeholl mat der Argumentatioun, dass Gemeng scho villes ënnerholl hätt an dowéinst keng zousätzlech Mesure géif ergräifen. Energiespueren a mam gudde Beispill virgoen si keng Prioritéite vun der aktueller Majoritéit, och wann et nach ëmmer genuch Méiglechkeete gëtt fir Energie an eiser Gemeng ze spueren. Op déi Punkten hu mir drop higewisen, mee leider ouni Erfolleg.

FRÉISENG

# MÉI NO. MÉI FRÉISENG.

Eis Kandidate fir d'Gemengewalen 2023



**JACQUES BARTHEL**
Helleng, 65 Joer
Pensionéierte Finanztrader/Broker



**CLAUDE COURTOIS**
Fréiseng, 49 Joer
Gemengerot, Informatiker am Finanzministère



**GEORGES HOFFMANN**
Uespelt, 39 Joer
Gemengerot, Schoulmeeschter



**MARC JACOBY**
Fréiseng, 46 Joer
Gemengerot, Ingénieur / Ëmweltberoder



**KARIN KALMES ÉP. THINNES**
Fréiseng, 62 Joer
Pensionéiert



**GÉRALDINE KRIER**
Fréiseng, 43 Joer
Léierin



**KARIN MEYER**
Uespelt, 61 Joer, Attachée à la direction a Conseillère an der Hotelschoul zu Dikrech



**LUC MEYER**
Helleng, 42 Joer
Professeur-Ingénieur an der Elektrotechnik

**LËSCHT 4**



**OTHELLO PESCAROLO**
Uespelt, 65 Joer
Pensionéierten Employé vun der Spuerkeess



**PASCALE SCHUMAN ÉP. DEGROTT**
Fréiseng, 63 Joer
Onofhängeg Formatrice



**MICHEL WEIMERSKIRCH**
Uespelt, 39 Joer
Web-Entwéckler